



De Gesetzesprojekt, deen definiert och nach Sanktiounen an administrativ Moossnamen, déi am Fall vun Netrespekt vun de virgeschriwwenen Dispositiounen applicabel sinn. A fir gewësene Bedenke vum Statsrot entgéintzekommen, huet d'Finanzkommissioun festgehalen, datt d'CSSF, wa si Sanktiounen ergräift, gewëssenen Elementer muss Rechnung droen, wéi zum Beispill der Natur, der Dauer an der Gravitét vum der Infraktioun, dem Schued, deen déi schëlleg Persoun Drëtten ugeriicht huet, oder den Avantage a Gewënner, déi si aus der Infraktioun gezunn huet oder hätt kënnen zéien.

Här President, léif Kolleegen, ech soen dem Finanzminister Luc Frieden an och de Leit aus sengem Ministère gradesou wéi dem Statsrot e grouse Merci fir hir gutt an effikass Zesummenaarbecht, déi eis et erlaabt huet, dëse Gesetzesprojekt esou schnell hei der Chamber virleëen ze kënnen. Als Rapporteur géif ech da bieden am Numm vun der Finanzkommissioun, dëse Projekt esou ze stëmmen, wéi mir lech en als Text virgeschloen hunn.

An dann als CSV-Vertrieder deelen ech lech mat, datt eis Fraktioun dëse Projekt ënnerstëtzt. An ech ginn och domadder schonn den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projekt.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Rapporteur. Ech mengen, dat war ganz komplett, esou datt sech all zousätzlech Wuertmeldung eriwweegt. A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projekt de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6513 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Et weist näischt un hei. Ech weess net...

► **Une voix.**- Et ass oui.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Ech stëmmen mat Jo, mä...

► **M. le Président.**- De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Resultat ass folgend: De Projekt de loi ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6513 est adopté par 58 voix pour et 1 abstention.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché);*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

*S'est abstenu: M. Jean Colombara.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projekt de loi 6511 iwwert dem Stat säi Finanzement vun der Kläranlag Esch/Schöffleng, an zum Projekt de loi 6512 iwwert dem Stat säi Finanzement vun der Waasserentsuergung an de Gemenge vum Atertall, déi zesummen an enger gemeinsamer Diskussioun nom Basismodell behandelt ginn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen a Gibéryen. An d'Wuert huet elo den Här Ali Kaes, deen de R rapporteur vum

Projekt de loi 6511 ersetzt. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert. An den Här Kaes schwätzt och direkt dann iwwert de Projekt de loi 6512, wou e selwer Rapporteur ass.

**4. 6511 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux d'agrandissement et de modernisation de la station d'épuration d'Esch/Schiffange par dépassement du montant fixé par la loi du 20 décembre 1999 autorisant l'État à participer au financement des travaux d'agrandissement et de modernisation de ladite station d'épuration**

**6512 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au dépassement des financements de la 1<sup>ère</sup> phase des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes du bassin supérieur de la Vallée de l'Attert, ainsi qu'au financement des phases 2 et 3**

**Rapports de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police**

**Projet de loi 6511**

► **M. Ali Kaes (CSV), rapporteur, remplaçant M. Raymond Weydert.**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, a sech, wéi den Här President dat gesot huet, sollt den Här Weydert dëse Rapport virdroen. Hien ass awer haut fir d'Chamber am Ausland ënnerwee, soudatt ech hien hei ersetzen. Ier ech op d'Substanz vum ueliende Projekt aginn, wëll ech net laang Zäit verléiere mat der Virgeschicht, an duerfir invitéieren ech lech, dës an dem Här Weydert sengem schrëftleche Rapport nozeliesen, wann d'Detailler lech géifen interesséieren.

Den Objet vun dësem Projekt ass d'Erhéije vun der staatlecher Bedeelegung un de Baukäschte vun der Kläranlag zu Esch/Schöffleng ëm de Montant vun 2.473.714 Euro. Am Gesetz vum 20. Dezember 1999 iwwert d'Ausbau- an d'Moderniséierungsarbechte vun der Kläranlag Esch/Schöffleng war ursprénglech eng staatlech Bedeelegung an der Héicht vun 19.608.000 Euro virgesinn.

Ier ech op d'Grënn vun dësem Dépassement ze schwätze kommen, loosst mech kuerz op den Hannergrond vun dësem Projekt de loi agoen.

D'Kläranlag Esch/Schöffleng gouf ursprénglech an de 60er Jore gebaut, fir d'Ofwaasser vun der Stad Esch an der Gemeng Schöffleng ze traitéieren. Duerno, Enn 70er, Ufank 80er Joren, gouf dës Anlag eng éischte Kéier moderniséiert, fir och kënnen d'Ofwaasser vum Anzugsgebit Kiemelbach aus den Uertschaften Eilereng, Monnerech, Féitz, engem Deel vun Zolwer a vum ënneschten Anzugsgebit vun der Mess opzehuelen an duerch e biologesche Prozess déi organesch Elementer aus dem Ofwaasser erauszehuelen, also ze eliminéieren.

Sou wäit, sou gutt, bis déi europäesch Direktiv 91/271 vum 21. Mee '91 komm ass iwwert den Traitement vun de lokalen Ofwaasser, déi duerch de Règlement grand-ducal vum 13. Mee '94 an nationaalt Recht ëmgesat gouf. Dës Direktiv huet méi exigent Kritäre gestallt, wat d'Eliminéiere vu stéckstoff- a phosphathaltege Fragmenter aus dem Ofwaasser betrëfft, an dat fir Kläranlage mat enger Capacitéit vun iwwer 10.000 Awunnergläichwäerter.

Dës Mesuren hätte misse bis den 31. Dezember '98 ëmgesat ginn. Mat der Situatioun konfrontéiert, hunn déi Responsabel vum Syndicat intercommunal à vocation écologique, oder kuerz SIVEC genannt, zesumme mat den zousätznege staatleche Servicer beschloss, fir déi betraffe Kläranlag souwéi déi domat verbonnen Installatiounen auszebauen an ze moderniséieren an an engens d'Capacitéit op 90.000 Awunnergläichwäerter ze erhéijen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Bauprojekt ass a senger definitiver Versioun am Joer '98 approuvéiert ginn, nodeems verschidden Devisen dat Joer virdru scho realiséiert gi sinn. Op Basis vun dësen Devisen, déi vum SIVC a vun dem Innenministère approuvéiert goufen, an no der Proposition vun der Administration de l'Environnement gouf sech op eng finanziell Bedeelegung vun deemools stolzen 878 Milliounen Frang géeelegt. Dat sinn eng ëmgerechent 21,7 Milliounen Euro.

Dëse Montant gouf dann och am Gesetz vum 20. Dezember '99 festgehal. D'Moderniséierungs- an d'Ausbauarbechte konnten och mat Zäit am Joer '99 ugefaange ginn. D'Mise en service vun der éischter Rengungsstrooss war

2003 an déi definitiv Réceptioun vun den Aarbechten den 30. August 2003.

Nodeems ech op de Kontext vun dësem Gesetz agange sinn, kommen ech elo zu dem manner positiven Deel vun dësem Gesetz, deen déi Fro vum Firwat wäert beäntweren.

Wéi et esou oft de Fall bei Devisen ass, gouf et eng grouss Diskrepanz tëschent deem, wat um Pabeier steet, an deem, wéi et a Wirklechkeet ausgesäit. An zwar gouf während de Bauarbechte festgestallt, datt déi Montanten, wéi se an den Devisé virgesi waren, iwwerhaapt net géifen duergoen, fir déi Anlag no den Objektiv vum Gesetz vum 1999 ze bauen. Hätt nämlech misse mat deene Sue gebaut ginn, déi a sech zur Verfügung stoungen, dann hätte verschidden Deeler net esou kënnen gebaut ginn, wéi se virgesi waren, an hätten domadder d'Gesetz oder de Sënn vum Gesetz verfeelt.

Ech géif lech dann hei e puer vun de Grënn vun den Dépassementer opzielen. Bon, do waren:

fir d'Éischt d'Renovéierungsarbechten u Stolbëtonbauten, déi néideg waren opgrond vun enger mangelhafter Expertise;

da Renovéierungsarbechten um Reeniwwerlafbecke wéinst enger staarker Degradatioun vum Bëton. Dësen Émstand gouf eréischt während de Bauarbechten festgestallt.

Et huet missen zousätzlechen Terrain kaaft gi fir eng spéider Erweiterung;

an och Stroossen hunn ënner anerem misse verlängert a verbreedert ginn.

Dat si just e puer vun deenen Elementer, déi zu där Verdeierung gefouert hunn. Fir eng detailléiert Iwwersicht vun all deene Poste géif ech lech bieden, dem Här Weydert säi Rapport ze liesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de finanzielle Volet ugeet, beleeft sech den Décompte - dee finalen Décompte - vun den Aarbechten op 25.785.045 Euro. Wann een dann den Taux de participation étatique vun 90% hëlt, kënn een op de Montant vun 23.206.540 Euro. Bis elo sinn net manner wéi 20,73 Milliounen Euro scho rembourséiert ginn. Et bleiwen also nach ronn 2,47 Milliounen iwwereg.

Här President, erlaabt mer, fir ofzeschleissen, nach e puer Wieder zu den Avisen, déi zu dësem Projekt erakomm sinn, ze soen. Souwuel d'Chambre des Salariés wéi och d'Chambre de Commerce an och de Statsrot hu keng Remarque zu dësem Projekt de loi gemaach, ausser datt déi héich Kierperschaft drop bestanen huet, datt de Plan de financement soll an de Rapport integréiert ginn. Där Fuerderung si mer natierlech oder selbstverständlech och nokomm.

D'Chambre des Métiers freet sech, ob d'Prozeduren, wéi se fir den Domän vun de Marchés publics existéieren, respektéiert goufen, an ob d'Entreprises, déi um Bau bedeelegt waren, mat Zäit bezuelt goufen. Ech kann lech awer op dës Plaz berouegen, well alles säi gereegelte Wee gaangen ass.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffen, ech konnt lech duerch dem Här Weydert säi Rapport respektiv mäi mëndleche Rapport d'Noutwendegkeet vun der zousätzlecher finanzieller Bedeelegung un der Kläranlag Esch/Schöffleng... konnt ech lech a sech iwwerzeegen. Dëst ass e wichtegt Puzzlestéck fir d'Verbesserung vun der Qualitéit vun eise Baachen a vun eise Flëss. An et ass sécher eng ganz nohalteg Mesure.

Aus dësem an aus all deenen anere Grënn, déi ech elo am Laf vu mengem Exposé opgezielt hunn, bieden ech lech, dëse wichtege Projekt ze stëmmen, a ginn och d'Zouso vun der CSV-Fraktioun, a soen lech, wat dee Rapport ugeet, Merci fir d'Nolauschteren.

**Projet de loi 6512**

Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, ier ech op de Kontext vum Projekt de loi 6512 aginn, wëll ech, esou wéi beim Projekt virdru, net laang Zäit verléiere mat der Virgeschicht. An dofir invitéieren ech lech och hei, dëst a mengem schrëftleche Rapport nozeliesen, fir méi Detailler iwwert dee Projekt ze kréien.

D'Sammele vum Ofwaasser aus de Gemenge vum ieweschten Anzugsgebit vun der Atert an den Traitement dovunner an der Kläranlag vu Béiwen/Attert gouf duerch d'Gesetz vum 21. Mee '99 beschloss. Am Exposé des motifs vun deemools gouf déi staatlech Bedeelegung op 853 Milliounen Frang, also ëmgerechent 21,3 Milliounen Euro, plafonnéiert.

Bon, wéi ech virdru scho gesot hunn, den 21. Mee '91 gouf déi europäesch Direktiv 91/271 ugeholl an eben duerch d'Reglement vum 19. Mee '94 an nationaalt Recht ëmgesat. Dës Direktiv gesäit vir, datt d'Ofwaasser vun Agglomeratiounen - ënner anerem och fir dat

Ofwaasser vun Agglomeratiounen - vun iwwer 2.000 Awunnergläichwäerter misst bis an d'Joer 2005 biologesch traitéiert ginn, an, wéi ech et virdru scho gesot hunn, bei Agglomeratiounen vun iwwer 10.000 Awunner d'Ofwaasser zousätzlech vu weideren Nährstoffer misst gereengt ginn.

Doraus schléisst sech, datt verschidden Dispositiounen vum Gesetz vum '99 net méi konform zur Direktiv waren, virun allem och, wat déi verpassten Délaien ugeet. Ausserdeem hat dëst Gesetz nëmmen de Finanzement vun der Kläranlag Béiwen/Attert a vun der éischter Phas vun den Aarbechten un de Kollektore virgesinn. Dëse Projekt de loi huet also den Zweck, d'Gesetz vum '99 einfach un d'Realitéit unzepassen.

Wat zu dësem Punkt nach derbäikënn, ass, datt d'Bauarbechten op enger Etüd vu '97 baséieren, déi eng zweet Phas virgesinn hat, déi awer deemools net am Gesetz vum '99 zrëckbehalen gouf. Ausserdeem hu missen zousätzlech Mesuren ergraff ginn, fir quasi all Uertschaften un den neie Réseau unzeschleissen, esou wéi d'Direktiv et nun ebe virgesäit.

Duerch all dës Émstänn sinn héich zousätzlech Käschten entstanen, ënner anerem 15,9 Milliounen Euro fir d'Phas 1, dann eng 2,5 Milliounen a Relatioun mat den ursprénglechen Aarbechten, an nach eng Kéier 18,6 Milliounen, déi néideg goufe fir nei zousätzlech Aarbechten.

De geplangten Ofwaassersammelréseau betrëfft insgesamt aacht Gemengen. Dat sinn: Biekerech, Béiwen, Ell, Préizerdall, Réiden, Sëll, Useldeng a Viichten. De finale Projekt gesäit d'Sammele vum Ofwaasser aus deene betrafene Gemenge vir, dat dann an der Kläranlag zu Béiwen mat enger Capacitéit vu 15.000 Awunnergläichwäerter soll traitéiert ginn.

Dee gréissten Deel vum aktuellen Ofwaassernetz ass am Mëschsystem gebaut. Dat heescht, datt et keng Trennung tëschent Ofwaasser a Reewaasser gëtt, also alles an deeselwechte Kollekt, an deeselwechte Kanal leeft. Déi bestehend Kanäl mussen also mat Reeniwwerlafbecken ausgestatt ginn, déi et a sech erméiglechen, fir den éischte Stouss vum Ofwaasser a Reenzäiten, dee Stouss, deen am meeschte belascht ass a wou a sech fir d'Éischt d'Kollektore gespullt ginn, ze sammeln, fir domadder de gudden Zoustand vun deene Waassermassen ze errechen, déi duerno kommen an direkt kënnen an eis Baachen, an eis Flëss ofgeleet ginn, esou wéi et am Plan de gestion de district hydrographique vum Conseil de Gouvernement den 23. Juli 2010 ugeholl gouf.

Insgesamt ass de Bau vun 32 - Dir hutt richtig héieren; vun 32 - Reeniwwerlafbecken - an een esou ee Becken, wëll ech ganz kloer hei soen, dee kascht richtig Suen, mä dat geet net aneschtens - geplangt ginn. Wichtig ass och, fir dat emol eng Kéier ze soen, datt esou e Reeniwwerlafbecke Sënn mécht, well dann net all Waasser, wat duerch e Kanal leeft, brauch duerch d'Kläranlag ze lafen, mä e groussen Deel vum Waasser eben direkt kann an d'Baachen ofgeleet ginn, an domadder a sech d'Käschten op der Kläranlag enorm reduzéiert ginn, zum Beispill wat den Energiebedarf ugeet.

Wéi gesot, et sinn 32 Reeniwwerlafbecke geplangt, déi sech folgendermoossen op déi verschidde Gemenge verdeelen: véier fir d'Gemeng Biekerech, véier fir Béiwen, zwee fir Ell, dräi fir Préizerdall, aacht fir Réiden, véier fir Sëll, fënnf fir Useldeng an zwee fir Viichten. Des Weidere sinn, well d'Topografie et eben ausweist, dräi Pompelstatiounen ronderëm d'Uertschafte Routbaach, Iewerleng an Useldeng geplangt.

En gros loosse sech d'Aarbechten an dräi Phasen andeelen:

Eng éischt Phas, déi deelweis ofgeschloss ass mat der Kläranlag Béiwen, mat de Kollektoren tëschent Sëll a Béiwen, Biekerech a Routbaach, Platen a Routbaach, souwéi d'Leitung tëschent Routbaach an Useldeng. An dann, wéi ech virdru gesot hunn: Déi dräi Pompelstatiounen gehéieren och zu där éischter Phas.

Eng zweet Phas mat dem Uschloss vu Réiden a vun Ell a vu Viichten un dat ugrenzend Kanälnetz.

An eng drëtt Phas mat dem Uschloss vun den Uertschafte Kaalmes, Schwebbech, Rippweiler, Räichel, Osper, Schandel a Méchelbuch un dat bestehend Netz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech elo a sech op déi zousätzlech Käschte kommen. Fir d'Éischt awer nach eng kleng Remarque. Ech wëll soen, datt eng obligatoresch Etüd, wéi se haut fir all Projekt, dee méi wéi 2,5 Milliounen Euro virgesäit, datt do a sech eng Etüd virgesinn ass. Dat war deemools net de Fall. Doduerch huet een noutge-





drongen och eng ganz Rei vun enormen Iwwerraschungen erlief, wann een dann esou e grouse Projet émgesat huet.

Ech zielen lech hei awer nëmmen e puer vun de Grënn vum Dépassement op. Fir d'Detailer géif ech och op de schrëftleche Rapport verweisen.

Wat och normal ass, dat leeft iwwer eng ganz laang Zäit, an da kommen nei Technologien. An dann ass et och nëmmen normal, datt een dann déi neisten Technologien am Ofwaasser asetzt, well dat ass extrem wichteg. Do ass an deene leschte Joren eng enorm Evolutioun geschitt, an duerfir ass et och hei esou, datt a sech déi neisten Technologïe sollen agesat gi respektiv schonn agesat gi sinn;

dann d'Äsetze vu méi feine Filtere bei de Reen-iwwerlafbecken. Domadder kann een nach vill méi Schmutzfracht zrëckhalen, ier da Waasser an d'Baachen ofgefouert gëtt;

dann d'Ännerung um Verlaf vun de Kollektoren. Well och dat ass e Problem, deen een ëmmer erëm fënnt, datt d'Propriétaires net bereet sinn, den Droit de passage ze ginn, an een domadder also vill méi komplizéiert Strecke vun de Kanäl muss realiséieren;

dann d'Ännerung vu verschiddenen Normen, dat heescht d'Äsetze vun duebelwännesche Kollektoren an de Schutzzonen;

d'Resultater vu Buedemprouwen;

d'Vergréisserung vum Volume vun den Opfangbecken opgrond vun Ännerungen un den technischen Normen.

Dir gesitt also, et si keng Klenggekeiten, iwwert déi mer hei schwätzen, mä Saachen, déi onbedéngt néideg sinn, fir de Projet en bon père de famille zu Enn ze bréngen.

Wat de finanzielle Volet vun den Zousazkäschten ugeet, beleeft sech dëse fir déi éischt Phas op 15.921.000 Euro; zousätzlech Aarbechten a Relatioun mat der éischter Phas: 2,5 Milliounen Euro; den zweeten Deel: 18,6 Milliounen Euro; an déi drëtt Phas, dat ass déi deierst mat 41,62 Milliounen Euro. Insgesamt also mat deene predefinedierten Tauxe vun der staatlecher Bedeelegung beleeft sech d'Prise en charge duerch de Fonds pour la gestion de l'eau bal op 58,4 Milliounen Euro.

Déi geplangte Bauaarbechten, well se esou ëmfangräich sinn, wäerte sech a sech viraussichtlech bis an d'Joer 2022 hinzeien. Et muss awer gekuckt ginn, fir datt d'Kläranlag esou séier wéi méiglech hire Betrib ophëlt. An duerfir ass e verschäerften Investitiounsrhythmus während der Ufanksphas virgesinn, och mat dem Zil, fir déi wichtegst Agglomeratiounen esou séier wéi méiglech unzeschleissen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, fir ofzeschleissen, nach e puer Wuert zu den Avisen, déi zu dësem Projet erakomm sinn.

De Conseil d'État stellt d'Fro, firwat dëse Projet de loi net och d'Phasé véier a fënnef enthält. Ben, déi zoustänneg Kommissioun mengt awer, datt déi Phasen net virauszegesi wäeren opgrond vun den aktuelle kommunalen Entwécklungen. Fir de Rescht gëtt déi héich Kierperschaft e positiven Avis of.

D'Chambre de Commerce an hirem Avis fuerdert, datt déi öffentlech Administratiounen besser mat qualifizéierte Juristen an Ekonomisten misste besat ginn. Des Weideren ass d'Chambre de Commerce erstaunt iwwert de Volume vum Dépassement vun der Phas 1, dee sech ëmmerhin op 87% beleeft. Doduerch léisst sech och hiren negativen Avis erklären.

An dësem Kontext stellt meng Kommissioun fest, datt déi Etüd, wéi se deemools, also virun 1999, gemaach ginn ass, wéi ech et virdru scho gesot hunn, vill manner exigent war, wéi dat haut de Fall ass. Aus dësem Grond schloe mir fir de Suivi vun dësem Projet d'Äsetze vun engem Gestionnaire vir, deen d'Aarbechte soll iwwerwaachen, notament och, wat den Timing betrëfft.

D'Chambre des Métiers fir hiren Deel gëtt en negativen Avis of, och opgrond vun där extremer Hausse vun de Käschten, a freet sech, ob et net méi käschtegëschteg gewiescht wier, fir op alternativ Techniken zrëckzegräifen. Ech wëll awer hei ënnersträichen: Och wann d'Käschte bei dësem Projet explodéiert sinn, esou ass dat op déi europäesch Direktiv zrëckzeféieren an och op vill béis Iwwerraschungen a sech, déi bei de Bauaarbechten opgetruede sinn.

Trotzdeem, mengen ech, si mer alleguerten d'accord, brauche mer dëse Projet mat all senge Modifikatiounen, fir dem EU-Recht ze entsprechen. Mä dat ass net dat Wichtigst. Am wichtigsten ass et, datt mer domadder e weidert Stéck maache fir d'Erhalen an eise flëss. Aus dësem an all deenen anere Grënn, déi ech am Laf vu mengem Exposé opgezielt hunn, bieten

ech lech, och dëse Projet ze stëmmen a ginn och hei den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir dat laangt Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen, viroewech wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Ali Kaes, félicitéiere fir säin exzellenten an explizite schrëftleche wéi och mëndleche Rapport, wéi och deem anere Rapporteur fir säi schrëftleche Rapport.

Wann d'Politik an deene leschte Joren eppes zu hirer Prioritéit gemaach huet, dann huet sech och eppes beweegt. Eng konsequent a modern Waasserpolitik huet net zu de politesche Prioritéiten vun dëser Regierung gezielt. Déi zwee Projeten, déi mer haut stëmmen, weisen eis dat kloer an däitlech.

Si weisen eis awer och, wéi schwéierfällg eist Land ginn ass, wa Projeten op de Wee bruecht ginn, wou ënnerschiddlech Verwaltungen, de Stat an d'Gemege mussen un engem Dësch setzen. De Schued dréit an dësem Fall an éischter Linn d'Natur an awer och de Steuerzueler. Dës Regierung huet et net fäerdegbruecht, ee Ruck an dëse Politikberäich ze bréngen. De Waasserschutz bleift e Steifkand an der Lëtzebuerger Politik, an och dësen Innenminister huet der Waasserverschmutzung net de Kampf ugesot.

Eenzeg Hoffnung ass leider, datt eng iwwergeuerdnet Instanz eist Land kontrolléiert a mir risquéieren, vun der EU-Kommissioun sanktionéiert ze ginn. Eleng dëse Gedanke weist eis, datt déi politesch Responsabel hei kläglech versot hunn. Wéi mer 2008 d'Waassergesetz gestëmmt haten, hat ech scho gewarnt: Mir stinn als Lëtzebuerger Land virun enger Mauer, der Waassermauer!

Déi laang Planungs- an awer och Realisatiounszäite werfen eng Rei vu Froen op.

Éischstens: Wéi wëlle mer déi virgeschriwwen Ziler vun der europäescher Waasserdirektiv an der virgeschriwwener Zäit erreechen? Wa mer den Drock vu Bréissel net hätten, fir an deem Beräich eppes ze maachen, fäerten ech, géife mer eis nach vill, vill méi schwéierdinn, fir eis Hausaufgaben ze maachen.

Zweetens: Wéi brénge mer et fäerdeg, de Käschtepunkt net nëmmen ze iwwerblécken, awer och eis déi effikasse Kontrollmechanismen ze ginn, fir en uerdentleche Suivi financier ze assureieren an exzessiv Käschten ze vermeiden?

Här President, mir müssen an Zukunft eng Leeschtungskultur bei der Planifikatioun an Exekutioun vu grouse Klärwierker aflësse loosse. Et géllt, d'Objektiver kloer ze definéieren an de Rôle vun all Intervenent strikt ze straffen.

Absolut begrësse wëll ech hei, datt ee Gestionnaire de projet als onofhängeg Persoun déi grouse Projekte begleet, datt et net zu finanziellen Dérapagë kennt. Wa mer zéng bis zwanzeg Joer un engem Projet plangen, wéi wëlle mer et dann do fäerdegbréngen, um leschte Stand vun der Technik ze bleiwen? Wa mer eng Realisatiounszäit vun zéng Joera méi hunn, wéi wëlle mer do déi finanziell Enveloppe am Grëff behalen?

Wéi bei all groussen Infrastrukturprojet ass och bei Kläranlagen den Triangel But-Durée-Budget interessant. Geet d'Durée an d'Luucht, bei gläichem Objektiv, klëmmt de Budget. Souguer wann d'Durée an d'Luucht geet, d'Objektiver erofgeschrauft ginn, klëmmt de Budget awer. An dësem Sënn ass et duerfir méi wéi sënnavoll, datt den zoustänneg Minister eemol am Joer an d'Budgetkontrollkommissioun muss kommen, fir de finanzielle Suivi vun de grouse Klärprojeten oppenzeleeën an d'Chamber iwwer eventuell Dépassementer ze informéieren.

Här President, et mécht also kee Sënn, während Jorzéngten u Projeten erëmzeplangen an erëmdokteren, wann ee weess, datt et nach bis Mokuchsdag kann daueren, bis se realiséiert ginn. Et läit net un de Gemengen, datt et net virugeet. De Stat bezilt de gréissten Deel, an d'Gemege waarden oder, besser gesot, musse waarden, bis se gréng Luucht vun der Regierung kréien, fir unzefänken, fir och sécher ze sinn, datt se Sue kréien.

Här President, Fakt ass, datt et op esou ville Plazen un adequate Kläranlage feelt, datt vill a besonnesch grouss Kläranlagen a schlechtem Zoustand sinn. Fakt ass awer och, datt déi Suen, déi am Waasserfong virgesi waren, emol net all opgebraucht goufen. Fir den Exercice 2010 sinn zum Beispill nëmme 56,5 Milliounen ausgi ginn, woubäi der awer 75,3 am Budget virgesi waren - ee Minus vu 25%. Fir den Exercice 2011 ware 86,6 Milliounen virgesinn, et

goufen der awer nëmme 50,4 opgebraucht; 41,77% vum urspréngleche Montant goufen net investéiert.

Fir mech ass dat net nëmmen onerklärlech, et ass sträfflech, wann ee weess, datt Lëtzebuerg virun den Europäesche Gerichtshaff zitéiert gouf, well et sengen Aufgaben opgrond vun den europäeschen Direktiven net nokënn. D'Kommissioun huet hei eng forfaitaire Sanktioun vun 2,2 Milliounen an eng deeglech Astreinte vun 11.340 Euro gefrot, wat enger gesamter järelecher Strof vu 6.339.100 Euro entsprécht. Eng modern Waassergestioun kann nëmmen an enger Kooperatioun an an engem Geescht vu Partnerschaft a géigesäitegem Vertrauen tëschent allen Acteure gemaach ginn.

Här President, als Demokratesch Partei wëlle mir Bierger a Betriber dorop hiweisen, datt eng ökologesch Waasserpolitik eng Plus-value fir eis Gesellschaft ass. Eis geet et drëm, eng gutt Waasserpolitik ze maachen a keng Politik mam Waasser. Eis Kanner a Kandskanner soen eis Merci, wa mir dat vun eise Grouss- an Urgrousselteren erierfte proppert Waasser an intakter Form weiderreechen.

An dësem Sënn ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësen zwee Projeten a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Etgen Merci. D'Wuert kritt den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech kann dat vun der Plaz aus maachen.

Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Ali Kaes Merci soe fir säi Rapport an op d'Wichtigkeet vun dësen zwee Projeten hiweisen. Dat émsou méi, an ech mengen, et waren d'Kolleegen vun der sozialistescher Fraktioun, op där hir Demande hi mer d'lescht Woch an der Kommissioun geschwat hunn iwwert dat Gerichtsuerdeel, wat elo bevirsteet, wat geholl gëtt, well Lëtzebuerg sech net konform bis elo gemaach huet mat der europäescher Direktiv iwwert d'Waasserverschmutzung, a wou mer elo de Risiko lafen - an ech mengen, de Fernand Etgen huet och schonn driwwer geschwat -, datt Lëtzebuerg elo am Mount Juni do um Europäesche Gericht comdamnéiert gëtt, an datt mer da vläicht missten eng Strof vu fënnef Milliounen bezuelen.

An ech mengen, eleng dat beweist, wéi grouss datt de Retard hei zu Lëtzebuerg ass a wéi laang datt mer Zäit gebraucht hunn hei zu Lëtzebuerg, fir eis Instandsetzung vun de Kläranlagen virunzedreiwen, an datt mer am Fong an deene leschte Joren, Jorzéngte kann ee bal soen, wou mer ganz vill Geld haten, vill Geld fir onnëtz Projeten zur Fëster erausgeworf hunn, awer net d'Geld richteg investéiert hunn a Projete wéi déi heiten, déi sënnavoll sinn, an duerfir mer elo de Risiko lafen, fir um Europäesche Gericht verklot ze ginn, wat fir e Land wéi Lëtzebuerg eng enorm Blamage ass.

An duerfir ass et wichteg, datt mer dës Projeten elo hei kréien an datt se gestëmmt ginn a mer kënnen hoffen, datt se esou séier wéi méiglech kënnen realiséiert ginn.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Da kritt d'Wuert den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, dass mer dës zwee Finanzéierungsgesetzer haut kënnen ofstëmmen. Finanzéierungsgesetzer, déi noutwendeg ginn, well bei zwee Projeten, een zu Esch-Schëffleng an deen aneren am Atertall, ebe méi Sue gebraucht si ginn, wéi dat virgesi war.

Tatsaach ass effektiv, dass do onprezis Devisen à la base waren, dass zum Beispill zu Schëffleng den Émbau vun enger bestehender Anlag noutwendeg war an dass festgestallt ginn ass während der Bauphas, dass verschidden Aarbechte misste gemaach ginn. Zwëschenuewerch, well dee Projet sech iwwer Jore gezunn huet, si méi streng Norme komm an et huet misse eng Redimensionéierung vun engem Deel vun de Gebaier fir de Stockage gemaach ginn. Dat sinn Erklärungen, firwat dass dee Projet méi deier ginn ass.

Och de Projet vum Atertall ass méi deier ginn, well och en onprezis Devis à la base war. En huet vun enger zweeter Phas geschwat, déi awer net preziséiert war an deem Projet. Zousätzlech Baumoosname waren och do noutwendeg. Verschidden Aarbechten, déi eigentlech sollten an der Phas 2 gemaach ginn, sinn an der Phas 1 gemaach ginn. Et waren technesch Problemer bei der Exekutioun, notament wat d'Buedembeschafenheet ugeet. An et sinn nei Oplage komm am Kader vum Kommodo a vum Naturschutz.

Ech hunn dat elo gär emol eng Kéier hei gesot, fir ze weisen, wéi komplex dat ass. An ech wëll

dem Rapporteur, dem Ali Kaes, deen haut och am Raymond Weydert senger Plaz dee gudden an ausféierleche mëndleche Rapport gemaach huet an och scho verschidden Aspekter vun der Problematik vum Méikäschtepunkt duergestallt huet, hinne Merci soe fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport.

Mä ech mengen, d'Politik huet do reagéiert, Här Etgen. A mir hu grad justement 2004, am Mee, do hu mer eng nei Verwaltung kritt, d'Waasserwirtschaftsverwaltung, fir eben eng besser Koordinatioun an eng besser Planung vu Projeten ze maachen. An et muss ee wëssen, wann een am Waasserberäich schwätzt, Här Gibéryen, do ass eng Co-responsabilitéit vun de Gemengen, déi d'Kompetenzen hunn, an dem Stat, dee se begleet. Dat heescht also, wann...

#### (Interruption)

...wann d'Hausaufgaben also net gemaach ginn,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wann Dir de Gemengen d'Suen zur Verfügung stellt, baue se dat.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Wann am Fong geholl hei jiddweree seng Hausaufgabe mécht, da missten déi Dossiere weidergoen. Wann et esou einfach wär, wéi Dir, Här Gibéryen,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hunn dat 25 Joer matgemaach. Ech weess, vu wat datt ech schwätzen!

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Ech mengen, dass, wa justement eng Kompetenz vum Waasser bei de Gemengen läit, da wär et am Fong un de Gemengen, ze bezuelen.

Wat ass geschitt hei am Land? Am Joer 1999 huet déi deemoleg Regierung décidéiert, fir de Gemengen - an et ass iwwert d'Budgetgesetz gemaach ginn - 90% ze bezuele bei de Kläranlagen, wat am Fong geholl eng Aufgab ass vun de Gemengen. De Stat bezilt 90% fir eng Aufgab, déi eng Aufgab ass vun de Gemengen, an huet dat nëmme gemaach, well e gemierkt huet, dass d'Gemege sech schwéiergedoen hunn, am Beräich vun de Kläranlagen ze investéieren. An duerfir kréie mer déi Strof.

Ech wär frou, wann Der mech...

#### (Interruption)

...an ech wär frou, wann Der mech géift ausschätze loosse, ech wär frou, wann Der mech géift...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da bleift dach bei der Wourecht!

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- ...ech wär frou, wann Der... Ech bleiwen elo bei der Wourecht, well wa mer elo eng Strof ze bezuele kréien, déi ugeschwat ginn ass hei an zu där ech och stinn: 2,2 Milliounen fix an 11.000 Euro den Dag... Dat gëtt awer nach erofgesat, well am Fong geholl an deem Projet, dee si am Fong geholl ugeschwat huet, d'Kommissioun, do waren nach zwielef Kläranlagen net an der Rei, haut sinn et der nach just zwou. Duerfir, do gesitt Der, an deene puer Joer hu mer, an do kommen ech och nach drop ze schwätzen, do hu mer zéng Kläranlagen an d'Rei bruecht, dann ass dat geschitt!

Ech soen lech dat emol eng Kéier, an dat soll all Mënsch sech emol op der Zong zergoe loosse: Mir hunn eng Direktiv kritt 1991, dass misst an de Gemengen d'Waasser gekläert gi mat enger drëtter Stuf, wann ee méi wéi 10.000 Einwohnergleichwäerter huet, an 1998 hätt déi misse émgesat sinn. Haut si mer 2013 a mir sinn nach net do! An dann ass et ze einfach ze soen, de Problem wier bei der Regierung, Här Gibéryen,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Bei wem soll en da soss sinn?

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- En ass net bei der Regierung! En ass net bei der Regierung, en ass bei all deene Leit, déi do concernéiert sinn. Dat sinn d'Gemengen an dat ass de Stat. An duerfir hu mer do eis Responsabilitéit.

Mir hunn also eng Waasserwirtschaftsverwaltung kritt. Zënter 2009 gi gefuerdert bei de Gemengen, wa se hir Projete maachen, detailléiert Virgaben - wat den Här Kaes och scho gesot huet -, fir e Projet auszeschaffen, an esou eng Étude préalable muss gemaach ginn. An da gëtt gekuckt, ob dee Projet am Aklang ass mam Bewirtschaftungsplang, an da gëtt eng Étude technique gemaach an da rullt dat. A wann et e Projet ass iwwer 40 Milliounen, kennt en an d'Chamber, wann net, da geet dat esou.





E gutt Beispill hu mer, wou mer esou geschafft hunn, dat sinn d'Kläranlage vun eiser Musel, déi zwou zu Pärel an och zu Mäertler-Waasserbëlleg. Ech mengen, mir sinn op där richteger Schinn do. An ech mengen och, dass duerch d'Tatsaach, dass duerch dee Comité d'accompagnement, deen derbäi ass, dass doduerch dee finanzielle Kader och iwwerwaacht gëtt an dass esou Saache wéi déi heiten net méi virkommen.

Ofschléissend nach zwee Wieder: Ofschléissend wëll ech soen, dass, wa gemengt gëtt, et géif näischt hei investéiert ginn an dee Kampf fir de Waasserschutz, wëll ech deene Leit, déi dat soen, soen, dass mer vill Efforte gemaach hunn an de leschte Joren, fir e gudden Zoustand vun eise Gewässer ze kréien.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Mir sinn awer wäit hannendran.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Mir si wäit hannendran, do sinn ech d'accord mat lech. Ech hunn et jo elo grad erkläert, Här Gira, a mir sinn amgaangen, do vill ze maachen, a mir hu scho vill gemaach!

Ech wollt lech soen - dat sinn och Zuelen an déi soen esou munches: Am Kläranlageberäich goufen 1993, wou d'Akraaftriede war vum Règlement grand-ducal iwwert d'Ofwaasserdirektiv, also vun 1993 bis 2003 sinn am Ofwaasserberäich 223 Milliounen investéiert ginn, 223 Milliounen. A vun 2004 un, wou d'Grënnung war vun der Waasserwirtschaftsverwaltung, an dat ass och den Ufank, wou ech als Minister ugefaangen hunn, säit där Zäit, dat sinn elo néng Joer, si 429 Milliounen investéiert ginn.

Dat heescht also, an deenen néng Joer, wou ech elo Minister sinn, si 429 Milliounen investéiert ginn, an an deene Jore virdrun, déi zéng Joer virdrun 223. Dat ass also mol zwee, wat also kloer weist, dass am Fong geholl hei am Land am Waasserberäich wierklech eng Bewusstseinserweiterung komm ass an dass do richtig investéiert gëtt an dass mer do zsummen, d'Gemengen an de Stat, well déi zwee sinn hei an der Verantwortung, dass se do hir Hausaufgaben elo maachen.

Dir sollt wëssen nach ofschléissend, dass bis 2027 1,2 Milliarden - 1,2 Milliarden Euro - an d'Waasserwirtschaft mussen investéiert ginn, an dovun eleng 750 Milliounen a Kläranlagen, a Collecteuren, a RÜBen (= Regenüberlaufbecken) an esou weider. Dir gesitt also, d'Waasser kritt een net zum Nulltarif, an duerfir sinn ech och frou, dass mer alleguerten agesinn, dass, fir gutt Waasser an e gudde Rohstoff ze kréien, Drénkwaasser an och eng propper Natur ze kréien, dat net zum Nulltarif ass.

Dat ass mäi Schlusswuert, a Merci fir Är Opmierksamkeit!

► **Une voix**.- Weess den Här Kaes dat dann och?

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister.

Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung. Fir d'Éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6511.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6511 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6511 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6511 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6512.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6512 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. An och hei ass de Vote ofgeschloss.

De Projet de loi 6512 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6512 est adopté à l'unanimité des 57 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Josée Lorsché), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Projet de loi ass de Projet de loi 6479A iwwert d'Gemegekontabilitéit. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Scheuer, Gira a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Emile Eicher. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6479A - Projet de loi portant modification

### a) de certaines dispositions du Titre 4 - De la comptabilité communale de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et

### b) de l'article 33 de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Emile Eicher** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 12. September 2012 huet den Här Innenminister de Projet de loi 6479 déposéiert. Am Laf vun deene Méint a Wochen duerno sinn du véier Avisen erakomm, déi vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Salariés, dem Syvicol an och vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. De Statsrot hat dese Projet de 4. Dezember d'lescht Joer aviséiert.

Dëst Joer, de 25. Februar, huet d'Chamberskommissioun mech dunn zum Rapporteur ernannt an de 14. März hu mer dunn am Detail de Projet analyséiert. Mir koumen dunn zum Schluss an engem Amendement de 14. Mee, datt et besser wier, dese Projet an zwee ze deelen, an zwar de Projet 6479A, dee mer elo virleien hunn a bei deem et sech exklusiv ëm verschidden Dispositiounen aus der Gemegekontabilitéit handelt.

Dës Opdeeling wor an den Ae vun der Kommission wichteg gewiescht, well mer déi nei Instrumenter, déi nei Kontabelsinstrumenter am Gemengesector onbedéngt schnell musse kréien, ech wäert et herno nach soen, well mer

se scho säit Januar applizéieren. Mir erfëllen domadder iwwregens och d'Exigenze vun dem europäesche Kontabelsystem, dem SEC 95.

Ech wëll just bemierken, datt de Projet de loi 6479B nach wäert amendéiert ginn oder eventuell an en anert Gesetz integréiert ginn.

Dese Projet de loi ass de 4. Juni vum Statsrot aviséiert ginn, a mir konnt den Rapport de 27. Juni unhuelen. Ech mengen, dëst wor wichteg, fir d'Virgeschicht ze erklären zu deem Dossier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem virleiende Projet féiere mir am Gemengesector elo zwee nei Kontabelsinstrumenter an, an zwar en neie Plan budgétaire normalisé, de PBN, an de Plan pluriannuel de financement, de PPF. De Regierungssaccord vun 2009 hat scho virgesinn, datt d'Gemengen, d'Gemengesyndikater souwéi d'Établissements publics, déi ënnert der Opsicht vun de Gemenge stinn, ech zitieren, een «outil comptable intégré, capable de fournir des informations et données indispensables en vue d'une gestion efficiente des services communaux» sollt kréien.

De PBN, also de Plan budgétaire normalisé, ass eng Nomenclature fir ze budgétiséieren an ze kontabiliséieren, déi sech un dem Plan comptable, deen och am Privatsector existéiert, inspiréiert huet. Domadder erfëlle mir och déi europäesch Obligatiounen, mä mir ginn dem Gemengesector virun allem e kloer definéiert Instrument, fir seng Kontabilitéit no enger uniformer an onzweedeiteger Aart a Weis ze maachen. Selbstverständlech sinn all Regele vun der Transparenz respektéiert an déi aktuell Budgets-presentatioun ass och deementspriedend ugepasst ginn.

Iwwregens gëtt de Plan budgétaire normalisé scho fir dat aktuell Budgetsjoer op dem Gemengenniveau applizéiert, wéi ech dat virauser schonn ugedeit hat.

Wéi gesot, de PBN ass net nëmme gültig fir d'Gemengen, mä och fir d'Gemengesyndikater an och fir d'Établissements publics.

Elo zum PPF, dem Plan pluriannuel financier: Et ass en Outil de gestion, deen et de Gemengen erméiglecht, eng besser global Iwwersiicht vun der Evolutioun vun hire Finanzen ze kréien. Et ass also e Planungsinstrument, dat am ganze Land no deeneselwechte mikro- a makroökonomesche Prämissen, déi de Ministère de l'Intérieur de Gemenge matdeelt, opgebaut ass, an dat souwuel fir d'Recetté wéi och fir d'Dépenses, fir den ordinären an och den extraordinäre Budget.

Dese standardiséierten Outil gëtt all Joer vum Schafferot fir eng Period vu véier Joer opgestallt, nämlech dat lafend Joer an déi dräi zukünfteg Joren, déi hannendrukommen. An e muss och lafend à jour gehale ginn. E soll och als Basis fir d'Opstellung fir d'Gemegebudgete vun deene Joren duerno gebraucht ginn.

De PPF wäert den 1. Januar d'nächst Joer a Kraaft trieden. A wann dat de Fall ass, dann deelt de Schafferot dem Gemengerot dee Plan pluriannuel financier mat, genausou wéi dem Innenministère.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, nach e puer Wuert zu den Avisen ze soen. De Statsrot hat e puer Remarquen zum PPF formuléiert, notamment ass déi héich Kierperschaft der Meenung, datt de PPF fir déi dräijährig Period nom Exercice, fir deen de Budget opgestallt gëtt, géllt. Doduerch hätt een dann eng Finanzprevisioun vu véier Joer kënnen garantéieren, wat mer jo och elo maachen.

Derniewent wor de Statsrot der Meenung, datt och de Schafferot misst d'Responsabilitéit dofir iwwerhuelen, datt de PPF opgestallt an à jour gehale gëtt. Dat hu mer och gemaach.

Déi héich Kierperschaft hat sech och derfir aus-geschwat, datt de Gemengerot net sollt just eng konsultativ Roll spillen, mä aktiv bei der Opstellung vum PPF derbäi sinn. Dat hätt allerdéngs dann och zur Konsequenz gehat, datt, wéi bei all Budget, dann hätt missen ofgestëmmt ginn. An ech kommen herno nach dorop zrëck: Bei de Berufschambere wore se do och net all darselwechter Meenung.

D'Chambre de Commerce approuvéiert dese Gesetzesprojet, mä proposéiert awer, e Kalenner dobäi ze integréieren, virun allem, fir d'Gemegebudgete kënnen och mat anzebannen an déi Procédure vum Regierungsbudget an dee Moment och fir d'EU méi genau Zuele kënnen virzeleeën.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass averstane mam Projet, stellt allerdéngs den obligatoresche Charakter vum PPF a Fro, well dat e Risiko mat sech bréngt an deem Sënn, datt de PPF e politesch Instrument fir d'Gemenge kéint ginn, dat Divergenzen tëschent der Verwaltung an dem Gemengerot kéint schafen. D'Chambre des Fonctionnaires hat derniewent bedauert, datt dese Gesetzesprojet esou laang gebraucht hat, fir déposéiert ze ginn.

D'Chambre des Salariés ass mat deem Gesetzesprojet averstane an hat keng weider Observatiounen.

Ofschléissend kommen ech dann zum Avis vum Syvicol. De Syvicol belueft sech iwwert d'Aart a Weis, wéi dese Projet ausgeschafft ginn ass: Mat engem Comité de pilotage an engem Groupe d'accompagnement konnt des Reform vun der Gemegekontabilitéit op eng kooperativ a konstruktiv Aart a Weis iwwert d'Bühn goen.

De Syvicol kritiséiert awer am Gesetzesprojet d'Existenz vun zwee Konten, nämlech deem vum Schafferot an deem vum Gemengereceveur, a mengt, déi duebel Kontroll wier net méi néideg gewiescht. De Syvicol huet sech och entschidden derfir agesat, datt de Plan pluriannuel financier net manner effizient wier, wann e manner Detailler och géif zrëckhalen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffen, ech konnt lech mat mengem mëndleche Rapport vun der Noutwendegkeet vun deem wichtige Kontabelsoutil fir d'Gemengen iwwerzeegen.

Erlaabt mer, virun allem de Mataarbechter vum Ministère de l'Intérieur a besonnesch der Madame Clara Müller, dem Här Nilles an all deene Mataarbechter, déi heibäi matgeschafft hunn, ee ganz grouse Merci auszedrécken, well si hunn an enger remarquabler Zesummenaarbecht mat de Gemengen et fäerdegbruecht, am Virfeld déi Ëmsetzung vun deem Gesetz ze preparéieren a schlussendlech och elo scho bei de Gemengen duerch Formation continue ze implementéieren.

Et wier ganz bestëmmt nach villes hei derzou ze soen, ech géif awer heimadder dem Projet de loi den Accord gi vu menger Fraktioun an hoffen, datt déi vill Buergermeeschteren a Memberen aus de Conseilen a Schafferéit deen Outil hei och begreisse géifen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem Rapporteur, dem Kolleeg Emile Eicher, ze félicitéieren fir säi präzisen, kompletten a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport an him ausdrëcklech Merci ze soen.

Et ass, wéi de Rapporteur et gesot huet, eng gesetzlech Modifikatioun, déi an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen, dem Syvicol, interkommunale Syndikater an anere staatlechen Dëngschtstellen ausgeschafft gouf. Och ech wëll de Bedeelegten e grouse Merci aussprechen, well duerch d'Matwierke vun den Acteuren um Terrain konnt den Déi nei Dispositiounen ouni gréisser Schwierigkeeten ëmgesat ginn. Eng Schaffensart a -weis, déi mer ausdrëcklech wëlle begreissen!

Inhaltlech gekuckt sinn d'Neierungen eng reell Plus-value fir eng méi modern Gestiou vum de Gemegefinanzen. Déi nei Instrumenter - neie Plan budgétaire, nei Budgetsstruktur, Méjoresfinanzplang, neien État vun der Finanzsituation, e präzisen Échéancier - sollen de Gemege-responsablen et erlaben, e bessere Bléck op d'Finanzsituation vum hirer Gemeng ze kréien.

Iwwer zéng Joer schwätze mer vun enger Gemegefinanzreform. An ëmmer erëm ass drop higewise ginn, datt d'Qualitéit an d'Disponibilitéit vu fiabelen Donnéeën ze wënschen iwwreg géif loossen. Och war et schwéier, eng Gemeng mat där anerer richtig ze vergläichen, well de Finanzkader vu Gemeng zu Gemeng verschidde gestréckt war. Besonnesch d'Transferte vu finanzielle Moyenen an déi interkommunal Syndikater hunn niewent den ongläiche Missiounen zu Verwirrung gefouert.

Mat deem Gesetz wäerte mer do der Wourecht ee Stéckelche méi no kommen. D'Gemengen hätte gäre Planungssécherheet. Mat deser Reform kréie mer awer nëmme just en Instrument, fir dës Planungssécherheet ze iwwerwaachen. Eng grondleeënd Reform steet awer nach aus. An deser Hisiicht huet den Innenminister seng Hausaufgaben nach net gemaach.

Här President, ob d'Neierunge vun deem Gesetz eng Plus-value duerstellen, hânt am Wesentleche vun der Qualitéit vun den Informatiounen of, déi nëmmen déi staatlech Stellen der Gemeng kënnen liwweren. Anert wichtegt Element ass d'Transparenz, Transparenz beim Verdeelungsschlüssel vun der Gewerbesteier a beim Fonds communal de dotation financière, transparent, kloer, objektiv an novollzéibar Krittäre bei den Investitiounssubsiden, Transparenz bei anere Gemegefinanzinstrumenter wéi dem Pacte Logement.